# LOUTRES NEWS



März, Abrëll, Nummer 5 / 2017

**LUXEMBOURG - 1**
**Port Payé**
**P/S.311**






Beaver: WE Dschungel

Wëllef: Explo Märerchercher





Scouten : WE Alles op der Kopp a Natur Games




Eis nei Websäit ass online

fnel scouts & guides

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

# Loutres News N°05 2016/17

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Cheffen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegendrock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Schmit Ander<br>27, rue Quatre-Vents<br>L-7562 Mersch<br>Tel: 32 74 58<br>Gsm : 621 613 285<br>E-mail: anderschmit@web.de |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu<br>info@scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch |

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

Beaver

# Dschungel Weekend

Moien Beaver

Den Bibu geet an d Vakanz, mee hien well eis mathuelen. Dofier ginn mir alleguer am Bibu op Entdeckerrees zesummen an den Dschungel. Mir freen eis ierch alleguer derbai ze hunn.



| | |
|---|---|
| Départ: | **11 März um 14:00 zu Miersch op der Gare-12 März** |
| Arrivé: | **12 März um 15:00 zu Miersch op der Gare** |
| Matbréngen? | Dem Wieder ugepassten Gezei, déck Schung, schlofsaack, Pyjama, Wäschsaachen, Schlappen, Gamelle, Täscheluucht |
| Unmellen? | Bis den 4 März iwwert den Site: www.scouts-loutres.lu oder beim Malak |
| Prais? | 15€ Iwerweis w.e.g Suen bis den 4. März op den Kont „Les Loutres Mersch Beaver" CCPL LU03 1111 2051 4284 0000 mat der Mentioun DSCHUNGEL WE + «Numm vum Kand » |

Hues du nach eng Fro oder wëlls de soss nach iergendeng Informatioun dann zeck net an ruff en vun eis un!

Malak (621 157 585) Spitzky (691 687 492) Kéeo (691 820 980)
Blubb (621 750 157) Reebou (691 549 502)
Hawky (621 663 653) Tic-Tac (691 305 002)

Beaver & Wëllefcher



# FUESEND

Salut Beaver an Wëllefcher,

D'Fuesend ass schon baal riwwer ...

... mee eben nemmen baal an nach net ganz.

Dofir komm e Samsteg den 4. Mäerz verkleed an d'Versammlung an feier mat eis d'Fööööös! ☺



# Wëllefcher EXPLO

## *Invitatioun fir d'Verlobungsfeier*

*um Haff vun deenen vu Luxemburgesien*

.............................................................

*De Kinnek Tomasius an seng zukünfteg Kinnigin*
*Carolina si frou, datt dir op hierem Fest*
*um 18. vum Mount Mäerz Anno 2017 dobaï sidd*

*D'Kutsch kënnt iech um 9:15 Auer op der*
*Postkutschestatioun zu Miersch sichen ,*
*wou dir och nees géint 17:00 Auer zeréck sidd.*

**RDV den 18 März 17 um 9:10 op der Mierscher Gare**

*8€ op der Kapp kascht dest Fest, déi dir bis den*

*28. Februar 2017 iwwerweist*

**Les Loutres Wëllefcher CCPL LU98 1111 2051 4385 0000**

*Bréngt des Aluedung mat op d'Plaz, soss komm dir* ***net***
*laanscht kinneklech Garde*

*De Maréchal um Haff vun Luxemburgesien*

# Scouten a Guiden

# Programm 2. Trimester

Salut Scouten a Guiden!

Hei fënns du den Programm vun nächsten Trimester – Et stinn richteg vill Aktivitéiten um Programm well 3 Chefen Formatioun maachen a jiddereen muss e WE maachen bis den Juni.
Well den 11-12. März e FormatiounsWE fir Scoutscheffen ass huet de Programm e bëssen geännert.

**18. Februar – 26. Februar FUES-VAKANZ**

| | |
|---|---|
| 04.-05 Mäerz | WE Alles op der Kopp |
| 11. Mäerz | Patrulleversammlung (Claire) |
| 18. Mäerz | Versammlung |
| 25. Mäerz | Versammlung |
| 01. Abrëll | Versammlung |

**08. Abrëll – 23 Abrëll OUSCHTER-VAKANZ**

| | |
|---|---|
| 29.-30 Abrëll | Natur Games um Misärshaff |
| 01. Mee | 1 Mee Féier zu Miersch |
| 06.-07 Mee | Explo Baurenhaff (Mellt iech bei eis un) |

**Vergiess net dech bei dengen Cheffen ofzemellen wanns du net an d 'Versammlung kanns kommen.**

**SCOUTSCHEFFEN:**

| | | |
|---|---|---|
| Recht Philippe CT | 691 812 917 | mr_recht929@hotmail.com |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Felten Jhang ACT | 621 790 389 | jhang.felten@gmail.com |
| Jacquie Linden ACT | 621 433 486 | jacquielinden60@gmail.com |
| Jenni Vosman ACT | 621 662 114 | jeny_vosman@hotmail.de |
| Carissia Demoutiez ACT | 691 727569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Bertemes Louis ACT | 661 327 280 | bertemes-louis@hotmail.com |

# Scouten a Guiden



**Scouten, Scouten!**

Et ass eppes schreckleges geschitt, ohmammohmamm! Wat soll ma nëmmen man uiuiui! Aha sot mol weess dir iwwerhaapt wat virgefall ass?
Dann looss mech iech dat mol erklären et ass een ganz aalen béisen Zauberer deem gefält et guer nët wei eis heiteg Welt fonctionnéiert, all déi nei Techniken, hien versteet einfach näischt dovun. Dowéinst huet heen een Zauber op d ‘Welt geluecht an wësst da wéien?

Heen huet alles Opkopp gedreint an am meeschten mierkt da et wann da Zéit kuckt anstatt dass moies ass, ass lo owes an och eisen Weekend leeft net vun vir no hannen mee vun hannen no vir of. Den Zauberer well rëm zeréck an déi gutt aal Zäit!
Mee wësst da wat mir als gudd Scouten mir fannen bestëmmt eng Léisung dofir an gleckleger weis huet mech deen Zauberer och schonn kontaktéiert an huet ma puer Challenges mat op den Wee ginn unhand vun deenen ma een Geigenmëttel fannen kennen!

**Wéini?** Den **4. Mäerz um 15h30** zu Miersch op da Gare
**Zeréck?** Den **5.Mäerz um 18h15** zu Miersch op da Gare
**Wou?** Zu Merscheid/ um Liewenshaff
**Präis?** 25 Euro sinn ze iwwerweisen op den Kont: Les Loutres Scoutsbranche: CCPL LU94 1111 2051 4587 0000 Mentioun: WE Merscheid a Numm vum Kand
**Umellung**? Kennt da bei mir iwwer Email jenny_vosman@hotmail.de oder per Sms um 621662114 bis den **1. Mäerz 2017**
**Material?** Rucksack, Schlofsaack, Gamelle+Besteck+Becher, Kichenduch, Pyjama, dem Wieder un gepassten Gezei, Wäsch Saachen, Biergschong, Schlappen, Scoutsbichelchen an natierlech gudd Laun ☺ Dir braucht och **2 Zuchticket** respektive är **Schülerkaart**
P.s. Falls een Iessenallergien, Intoleranzen oder Vegetarier ass soll en daat waneschglift direkt bei Umellung soen, domat mir dat mat aplangen kennen.

Lénks Patt, är Cheffen

# NATURE GAMES

Am “DeScout” fënns du des Säit mat den Infoen zu Natur Games um Misärshaff. Kuk ënnert dem QR code fir weider Infoen.

Du muss dech direkt bei der FNEL umellen, net bei dengen Scoutscheffen, kanns eis awer gären Bescheed soen wanns de mat gees.




misaershaff
centre de formation jeunes

Lenks Patt



# Explo 2017

Weini? 6-7 Mee 2017
Wou? um Misärshaff
Thema? Baurenhaff
Umelldung? Patrullenweis bis den 12.04 per Mail op scout@fnel.lu mat enger Propose fir eng Verkleedung
Prais? 25€/Persoun op de CCPL LU56 1111 2166 1009 0000 mat der Mentioun “SC-Explo 2017”.

Wichteg! Den Explo ass dobaussen denkt also un äre warme Schloofsaack! Detailer vum RDV an vun der definitiver Verkleedung kommen no der Umelldung. Scheckt eis är Propose fir d’Verkleedung fir en Deier vum Bauerhaff eran.

Lenks Patt, Är Scoutsekipp



# Rapport Floossfahrt

Sonndes, den 19 Februar 2017

Um 8h30 war Rendezvous vir die normal Leit um 9h00 vir eisen Bauer den Pierre vue dass deen saïn Wecker verpennt huet an dunn grad mol um 8h30 opgestan ass nodeems ma en drun erënnert hunn dass en eigentlech schonn um Rendezvous soll sinn. Wei ma dunn endlech all Mënsch zesummen haten sinn ma dann lass gefuer op den Start. Wei ma eis dunn wollten prett undoen ass een feinen Herr laanscht komm an huet eis als éischt mol 5 min laang nogekuckt wat ma géifen maachen bis en dann mat eis geschwat huet an eis vir en Schocki agelueden huet. Wei sech eraus gestallt huet war den Herr den Besëtzer vum Camping an ganz interesséiert un eiser Floossfahr déi en schonn säit Joeren verfollegt. Wei eis Chefen bis zeréck mat den Autoen waren sinn ma lass gefuer mat eisen Flooser wou ma als éischt schonn mol Start Schwieregkeeten haten well net sou vill Waasser am Floss war sou dass déi éischt schonn an Waasser Klammen missten bevir ma iwwerhaapt fortkoum sinn.

Floos 1 (Carissia, Michel, Jennifer)

Vue dass mir net zu zevill um Floos waren haten mir keng sou grouss Schwieregkeeten dass ma un all Steen hänken bliwwen sinn an sou sinn mir um Start relativ gemittlech fort komm net sou wei eist zweet Boot wou den Louis no 5 min schonn ganz am Waasser stoung. Ënnerwee hunn ma permanent missen Aen ophalen vir net an all Steen oder den Bord ze geroden, dat war nawell net ëmmer sou einfach well eist Floos gären Karussel gespillt huet. Wei ma dunn eng gutt Zäitchen ënnerwee waren ass schonn eis éischt Hürd komm, e Bam war emgefall an loung queesch duerch den Floss an eist Floos huet sou oder sou net laanscht, driwwer oder drënner gepasst. Wei dunn och dat 2 Floos nokomm ass an sie genau sou do hungen ass den Michel erausgeklomm an huet eis all un Ufer gezunn wou ma dunn rausgeklomm sinn an eis Floosen iwwer Ufer een nom aneren gedroen hunn. Wei ma dat bis iwwerstanen haten ass et dunn endlech rëm weidergaangen an spéitstens lo war kengem méi kal. Kuerzdrop huet een dunn een haart Dauschen héieren an Verschiddener goufen ganz nervös well se wossten wat elo kennt. Eis eist klengt Wier stoung kuerz virdrun dat mir mat A folleg all gepackt hunn mee zu deem Moment wossten mir nach net wat eis nach alles bevir steet. Kuerz virun da Mëttegplaatz ass dunn nach eng kéier dat mëttlerweil bekannten Dauschen opkomm. Des Kéier war et awer vill méi haart an dunn huet den Michel och schonn ugefaangen eise en klengen Crashcours ze ginn iwwer wei genau ma eis vir dëst vill méi steilt an geféierlech Wier missten uleeën domat eist Boot net kippt sou wei et geschitt war virun 3 Joer. Nun sinn ma dunn duerch Wier gefuer an mat voller Stolz ganz ënnen ukomm an hunn bal vergiess dass ma bei den Bord paddelen mussen vir eis Mëttegplaatz. Mëttegiessen ass dunn relativ kuerz ausgefall well ma all schnell weider wollten domat et eis net kal gëtt. Dono sinn ma gemittlech weidergefuer an hunn iwwer Wisen geschwat déi sech als perfekt Campplaatzen duergestallt hunn. Vue dass dat 2 Floos mat eisen 4 Jongen besat war an déi awer och op bal all Steeën hänken bliwwe sinn missten ma dunn mol rausklammen an waarden bis dass sie rëm do waren. Wei ma se rëm bis agefaangen haten sinn ma schonn bei deen nächsten Wier komm wou eis Jongen dunn perfekt duerch komm sinn mee eist Lenkmanöver net ganz geklappt hat an mir matzen um Wier hungen an net fortkoum sinn. richteg Platz gezunn vir dann vun do duerch ze fueren. Eisen Challenge war also och gepackt wann och nëmmen mat engem Aen zougedréckt.

No laangen Getriwwels an Discussiounen sinn ma dunn nët méi dolaanscht komm an den Michel huet sech geopfert vir an Waasser ze sprangen dëst war awer méi déif wei geduecht an sou stoung hien bis zum Bauch am Waasser an huet eis duerch Stréimung zeréck op dei richteg Platz gezunn vir dann vun do duerch ze fueren. Eisen Challenge war also och gepackt wann och nëmmen mat engem Aen zougedréckt.
Op eisen zweeten Floos hat op e mol den Bauer Pierre an da Kombinatioun mam Paul'chen zevill Energie a sinn vum Floos rofgesprong an iwwert Felder bis zu enger Bréck gelaf wou sech den Michel geduecht huet mol spontan vir 5 min Boot ze wiesselen. Dono hunn déi zwee Jongen dunn probéiert déi aner Säit vun da Bréck rëm drop zesprangen wat awer nëmmen engem ganz gelongen war an sou ass den Paul schwammen gaangen. An domat et dann net langweileg ginn ass waren ma dunn och schonn beim nächsten bësse méi interessanten Wier ukomm. Dësen ass des Kéier 90 Grad em Kéier gaang. Jongen sinn als eischt gefuer an sinn uewendrop hänken bliwwen sou dass eisen jéngsten den Yannis rausgeklomm ass an probéiert huet hiert Floos dann mol rëm an Rullen ze kréien dat mëttlerweil ganz schief an kromm do hung. Wei se dunn lasskoum sinn stoung den Yannis alleng uewen op dem Wier an ass schnell bei den Bord iwwert Felder rof bei saïn Floos gelaf wou se schonn op hien gewaart hunn. Wei mir dunn bis un da Rei waren hunn ma natierlech gemengt zu dréi geet dat bestëmmt besser mee schlussendlech hungen ma genau sou do an den Michel ass alt nach eng Kéier aus dem Boot gesprongen an huet eise en festen Coup ginn nodeem ma dunn och fort komm sinn. Heiter an Monter sinn ma dunn weidergefuer, leider sinn ma ënnerwee relativ oft ënnert Äscht vun den Beem erduerch gefuer déi eis ganz frëndlecherweis den ganzen Réck an Kapp gekraazt hunn an net ze vergiessen eis Hoer gekëmmt hunn an schéin Stränen hannerloossen an natierlech och dem Michel saïn Ouer gepeitscht hunn. Dono si ma éiweg laang duerch Géigend gegondelt an ënnerwee ass den Yannis dunn nach eng Kéier iwwert Felder lafen gaang bis ma dunn bei eisem leschten an och heischsten Wier ukomm sinn deen ma dunn voller Motivatioun  rofgefuer sinn, mir waren sou motivéiert dass den Paul sech spontan dozou décidéiert huet schwammen ze goen an Waasser war nawell relativ déif sou dass en och nach getaucht ass. Nodeems ma en dunn rëm opgelueden haten ass et gemittlech bei den Camping gaang wou och schonn Schluss war. Do dotëscht huet den Michel awer gemengt dass et vill méi flott wier wann dat anert Boot eis zeien géif an well den Louis dat awer guer net cool fonnt huet hunn se ugefaang um Seel vum Floos ze zeien leider hat den Louis den kierzeren gezunn an ass den laangen Wee an Waasser gezunn ginn. beim Camping ukomm hunn ma Booter rausgezunn an opgelueden an eis Meedercher Carissia an Jennifer sinn dunn fräiwëlleg nach eng Kéier schwammen gaang well deen Neopreen haten se net vir näischt ugedoen. No enger gefillter Éiwegkeet an nodeems ma eis all schonn déi schlëmmsten Saachen ausgeduecht hunn sinn eis Cheffen mat den zwee Autoen komm an huet sech rausgestallt dass een sech aus dem Auto ausgespaart hat an et dowéinst méi laang gedauert hat. An dunn ass et och rëm op den Wee zeréck gaang.

Michel Grüneisen